ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

REÇU
Par Magda Santos , 17:44, 11/07/2022

Här Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2022

Här President,

Am Numm vum Grupp vun den ADR-Deputéierte bieden ech Iech, op Grond vum Artikel 84 vum Chambersreglement, eng Aktualitéitsstonn op d'Dagesuerdnung vun der Chamber se setzen.

De Sujet vun der Aktualitéitsstonn ass déi nei "Charte de déontologie pour les structures culturelles". D'Aktualitéitsstonn soll sech mat der Fro beschäftegen, ob de Kulturministère mat dëser Charte an d'Konschtfräiheet agräift, andeems en all d'Acteuren am Beräich vun der Kultur, déi staatlech Finanzhëllefe kréien oder kréie wëllen, zu engem gemeinsame Wäertekanon mat entspriechende Verhalensreegele verflicht. Sollt een als Kulturministère d'Konschtfräiheet respektiv d'Meenungsfräiheet net an hirer Totalitéit respektéieren?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser
President vum Grupp ADR